



© Jean-Claude Ernst, Luxpress

D'ei international Solidaritéit



© Guy Jallay, Luxemburger Wort

D' Stëftung brauch Är Ënnerstëtzung!



CCPL LU33 1111 0001 6669 0000

- Sozial Hëllef - Lëtzebuerg
- Hëllef fir Leit mat enger physescher oder psychescher Behënnerung - Lëtzebuerg
- Projet de la Main Tendue à l'enfance - Burundi

 www.twitter.com/fondgrandducale
 www.facebook.com/fondgrandducale

8, an der Sang ■ L-7739 Colmar-Berg
 T +352 31 70 31-1
 F +352 31 70 31-40
 info@fondation-grand-ducale.lu
www.fondation-grand-ducale.lu

Zesumme liewen

Solidaritéit

Integratioun

Dignitéit



FONDATION
 DU GRAND-DUC ET
 DE LA GRANDE-DUCHESSE



© Lola Velasco, Groussherzoglechen Hoff

Zënter 30 Joer am Déngricht vum „Zesummeliewen“

D'„Fondation du Grand-Duc Henri et de la Grande-Duchesse Maria Teresa“ verfollegt **dräi Ziler**:

- Si reagiert op Ufroen vu Persounen aus dem **Grand-Duché**, déi sech direkt un de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse adresséieren, fir eng Ënnerstëtzung oder Hëllef ze kréien. Viraussetzung ass, datt dës Leit keng Hëllef vun ëffentlechen Institutiounen iwwert de gesetzlechen oder budgetäre Kader konnten kréien, oder wa sozial Servicer net séier genuch agräife kënnen;
- Deene Persounen, déi **zu Lëtzebuerg oder am Ausland** wunnen an ënner engem physeschen, psycheschen, mentalen oder sozialen Handicap leiden, et z'erméiglechen, am Respekt vun der mënschlecher Dignitéit ze liewen. Hinnen soll d'Integratioun an d'Gesellschaft duerch eng schoulesch oder professionell Weiderbildung erméiglecht ginn, fir datt si sech aktiv um gesellschaftlechen a kulturelle Liewen bedeelege kënnen;
- Entwécklungsprojeten am **Ausland** durchzuführen an humanitär Hëllef an Eenzelfäll ze leeschten.

Solidaritéit, Integratioun a Respekt vun der Dignitéit vum Mënsch sinn déi dräi Grondprinzipien, déi d'„Fondation du Grand-Duc Henri et de la Grande-Duchesse Maria Teresa“ bei hiren Aktiounen leeden.

D'Stëftung ass am Joer 2004 entstanden aus der Fusioun vun der „Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse“ an der „Fondation Prince Henri - Princesse Maria Teresa“. 1981 bei Geleeënheet vun der Hochzäit vun der jonker Koppel gegrennt, huet sech d'„Fondation Prince Henri - Princesse Maria Teresa“ besonnesch fir Persounen mat spezifesche Besoinen agesat, fir hinnen d'Integratioun an d'Gesellschaft z'erlichten.

Am Kader vum Trounwiessel gouf 2001 eng nei Stëftung an d'Liewen geruff: d'„Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse“. Dës Fondatioun huet hir Aktivitéiten erweidert a sech d'Missioun ginn, Persounen a grouse finanzielle Schwieeregkeeten zu Lëtzebuerg an an défavoriséierte Regiounen an der Welt z'ënnerstëtzen.

Duerch d'Fusioun vun deenen zwou Stëftungen am Joer 2004 gouf et méiglech, mat gréisserem Asaz a méi Efficacitéit um Terrain zu Gonschte vun de Leit a Nout ze schaffen.



© Groussherzoglechen Hoff

Déi dräi Ziler vun der Fondatioun



© Jean-Claude Ernst, Luxpress

D'Aktivitéiten zu Lëtzebuerg

Zu Lëtzebuerg engagiert d'Stëftung sech a verschiddene Beräicher:

- **Sozial Hëllef:** D'Ufroen vu Leit an Nout zu Lëtzebuerg, déi sech direkt un de Grand-Duc an un d'Grande-Duchesse oder un d'Stëftung adresséieren, si ganz verschidden. No enger grëndlecher Analyse vun all Dossier mat Hëllef vun Experten probéiert d'Stëftung, eng adäquat Äntwert op d'Demanden ze ginn.
- **Physesch oder psychesch Behënnerung:** Zënter der Grënnung vun der „Fondation Prince Henri - Princesse Maria Teresa“, Virgängerin vun der aktueller Stëftung, ass den Aarbechtsberäich „physesch oder psychesch Behënnerung“ en Haaptpillier op nationalem Plang. D'Stëftung reagiert souwuel op Demanden vun Associatiounen wéi vu Privatleit.
- **Hëllef fir Kanner:** Zënter ville Joren schonn engagiert sech d'Groussherzogin fir d'Besoinen vun de Kanner zu Lëtzebuerg an och am Ausland, dëst um sozialen wei och um edukative Plang.